Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Den 10. Abrëll huet d'EU-Parlament eng nei Direktiv ugeholl, déi eng Reduktioun vun den CO2-Emissioune bis 2030 ëm 45 Prozent, bis 2035 ëm 65 Prozent a bis 2040 ëm 90 Prozent fir Camione virschreift. Nom aktuelle Stand vun der Technik géifen déi Normen zu engem quasi kompletten Zouloossungsverbuet féieren. De Fonctionnement vun eise Logistikketten a besonnesch déi alldeeglech Versuergung vun de Leit wier ënnert deenen Ëmstänn kaum méi ze garantéieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

1) Gesäit d'Madamm Minister vir, den Text esou wéi en elo vum EU-Parlament ugeholl gouf, ze ënnerstëtzen, oder wëllt Dir nach noverhandelen? Falls jo, op wéi enge Punkten? Falls net, firwat net?
2) Kann d'Madamm Minister d'Konzept vun der Regierung presentéieren, fir de Fall, datt den Text mat oder ouni Lëtzebuerger Zoustëmmung ugeholl gëtt? Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi eng alternativ Technologie - Waasserstoff oder Elektromotoren - hei am Land favoriséiert géif?
3) Kann d'Madamm Minister am Sënn vun der Fro virdrun elaboréieren, wéi eng finanziell Ënnerstëtzungsmoossname fir d'Betriber géife geholl ginn, wéi eng Infrastrukture sollte gebaut ginn a wéi déi Zousazkäschte vun där Moossnam sech op den allgemenge Präisniveau zu Lëtzebuerg géifen auswierken, besonnesch bei Liewensmëttel an anere Gidder vum deeglече Liewen?
4) Wéi beurteelt d'Madamm Minister de globale Klimaimpakt vun där Moossnam, falls déi an der EU verbuede Camionen net verschwannen, mee just exportéiert géifen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten